

De séchere Wee (AT)

1. Szeen

Et ass den Dag vun der Diplomiwwereechung, d'Schüler setzen a schicke Kostümer nieft hiren Elteren, och a schicken Kostümer, an lauschteren méi oder manner begeeschert de Rieden no.

*--
Un eng Klassefenster gett dat opgehaangen, wat eng Klass gebastelt huet. Et sinn kleng Premieres-diplomer, matt enger Füllfieder doniewt. Op den Diplomer steet "trés bien" drop. (Donieft ginn dei gebastelt Diplomer benutzt fir d'Intro-titelen ranzebrengen.) Parallel dozou fiert d'Kamera dem Charel no, deen sech duerch d'Reihen op seng Plaz dréckt.*

CHAREL: (off) Elo ass et esouwält. Dee Moment op deen ech säit der Spillschoul higeschafft hunn, an all meng Kollegen och. D'Premièresdiplomiwwereechung! D'Eltere sinn do, d'Proffen, jiddereen am Sonndes-Costume, an am Gank sinn zwee Portugiesen alt schoonn amgaang de Schampes an d'Glieser ze fëllen. Do vir leiert d'Madame Ministesch scho säit enger draivéierel Stonn eng Ried erof, a kee lauschtet hir méi no. Ech sinn iwveregens och gefrot ginn, fir am Numm vun alle Schüler eng Ried ze halen. Dowéinst sinn ech vläit nach e bëssi méi opgereegt wéi déi aner. Egal, geschwënn ass et esou wält. Geschwënn hu mer en am Grapp. Eisen Diplom.

De Charel ass schlussendlech ukomm, setzt nieft senger Schwëster, dréint säi Kapp an d'Kamera a flüstert:

Et ass schlussendlech séier gaangen. Ech erënneren mech nach, dat ech wou ech mat der Schoul ugefaangen hunn voll mat Froen wor: Wou ass den Sënn vum Ganzen, wat well ech spéider eng Kéier maachen, wou wäert et higoen mat mir, firwat gouf et an der Spillschoul dee Blödsinn mat der Picknol, wou ech dach schon schneide konnt?

De Schüler dréint säi Kapp kuerz zur Ried a kuckt duerno nees an d'Kamera.

CHAREL: Obwuel, dat mat der Picknol hunn ech wierklech net verstan... Ech wor jonk deemools, an hat jo nach keng Ahnung an keen Ziel...

Dee läschte gebastelte Premieres-diplom gett opgehaangen, et ass awer ee Walfesch ginn. Et heiert een d'Stumm vun der Joffer, dei haart rifft:

JOFFER (off) "Oh nee, Charel, a waat ass daat heiten dann schon nees?"

2. Szeen

Beim Psycholog

An der Praxis vum Psycholog, de Raum ähnelt éischter deem vun engem Dokter, de Psycholog huet och ee wäisse Kittel un. D'Resultater leien fir, den Psycholog analyseiert Graphiken firun den Elteren. De Schüler setzt tëscht den Elteren, dem Psycholog geigeniwwer. D'Mamm ass bal um kräischen, an immens ugespaant, de Papp éischter rosen, an versteet naicht sou richteg.

PSYCHOLOG: Äre klenge Charel sollt an der Spillschoul ee Kartons-Premières-Diplom äuspicken. Ech weisen iech lo mol wat doraus ginn ass.

De Psycholog weist den Elteren e Kartons-Wal.

PSYCHOLOG: Ohmei. Kandidéiert äre Bouf fir den ADR?

PAPP: Nee. Wéi kommt der dann do drop?

PSYCHOLOG: Ma, e kann nach net liesen oder schreiwen, an denkt awer schoon un d'Walen. hahaha.(Den Psycholog zerrappt während dem laachen de Wal, an geheit en fort) Nee, lo mol

am Eescht. Komme mer zu de Resultater vun deenen Tester, déi ech mat deem klenge Lausbouf gemaach hunn.

MAMM: Ass alles an der Rei, här Psychater? Mat eisem Charel.

PSYCHOLOG: Ech well iech eppes weisen, Madame Weiler. Et gëtt verschidde Formen vun Denkmuster. An der Schoul ginn d'Schüler allerdéngs nëmmen un engem gemooss. Ee Wäert op dëser Skala wier deemno „normal“.

De Psycholog weist op enger Graphik, déi an „classique, technique“ ennerdeelt ass Uewen classique, ënnen technique, getrennt duerch eng deck roud Linn.

Äre Charel ass genee ... (*weist iergendwou an de Raum*) hei. Fir op de Classique geet dat net duer, Madame Weiler. Äre Bouf benotzt säi Gehir net op déi geplangten Art a Weis, hien benotzt et fir iwwert alles ganz aanescht nozedenken wei hien et eigentlech sollt.

PAPP: Dat huet en vu senger Mamm.

MAMM: Wat heecht dat dann lo?

PSYCHOLOG: Äere Bouf wäert um Modulaire landen. Dat ass keen Weltenner...

MAMM: (*kräischt*) Woumatt hu mir dat verdingt, woumatt? Wat wäerten d'Leit soen.

PAPP: Onmégglech!

MAMM: Wat hu mir falsch gemeet, ech maachen mir jo sou Virwërf. (*Zum Schüler*) Charly, du musst lo keng Angscht hunn, mir hunn dech trotzdem nach gär.

PAPP: Meng Duechter kënnt op Classique, a mäi Bouf ass e Vollidiot?

PSYCHOLOG: Do muss ech iech zwar lo verbesseren, Här Weiler, 'Vollidiot' ass de falschen Term. 'Notzlos' wier méi passend. Op de Modulaire kommen déi Kanner, déi net an eis Gesellschaft rapassen. Leit déi mir net brauche kënnen, well se vill ze vill an ganz aanescht denken.

MAMM: Oh, lauschter Charly, du bass héichbegabt.

PSYCHOLOG: Sou géif ech dat lo och net nennen. Et ass eischter vill notzlos Phantasie...

MAMM: Wéllt Dir eis domat soen, datt eist Kand behënnert ass?

PSYCHOLOG: Ma nee, en denkt einfach nëmmen falsch. Esou Leit kënne fir eis Gesellschaft duerchäus geféierlech sinn. Dofir ginn déi Leit vun der Gesellschaft getrennt an émgeschoult, duerno kréien si nëmmen nach ganz einfach manuell Saachen ze maachen, an mir versichen se vu Führungspositiounen ewech ze halen.

PAPP: An ech hunn émmer geduecht um Modulaire wieren nëmmen Vollidioten.

PSYCHOLOG: Nee, déi kommen op den Technique. Zesumme mat de Portugiisen. An den Éislécker.

MAMM: (*ënner Trainen*) Wann lo alles verluer ass, dann kenne mer en och direkt an d'Walldorfschoul schécken...

PAPP: Waaaaah

PSYCHOLOG: Em Gottes wëllen, sot dach sou eppes net... Ech... Oh Gott... Okay, also, wann et guer net anescht geet, dann hätt ech awer nach eng Iddi fir äre Bouf op d'Spur ze kréien. (*Reaktiou恩 Elteren*) Et gëtt do zwee Medikamenter. Ëischt mol de Klassiker: „Medio tutissimus ibis“, mir nennen et „De sechere Wee“, et desaktivéiert Deeler vum Gehir souwéi d'Phantasie. Also alles wat een net brauch fir den Diplom ze kréien. An dann gëtt et nach méi ee staarkt Medikament, den Gelée Grand-Ducal. Dat ass allerdéngs sou staark, do besteet d'Gefor datt Äre Charel herno nëmmen nach fir d'Police oder fir d'Arméi ze gebrauchen ass.

PAPP: Eh, ma dat eischt klengt dach wonnerbar! Du kanns ophaalen mat kraischen, Viviane.
(*D'Mamm hält direkt op mat kräischen.*)

PSYCHOLOG: D'Medikament muss onbedéngt regelmässig ageholl ginn...

PAPP: Mir huelen et! Wei dax hellt een déi den Dag?

PSYCHOLOG: 3 mol, steet alles op...

MAMM: Ech si sou erliichtert.

PAPP: Ech soen iech villmools Merci: (*Paus.*) Villmools Merci.

PSYCHOLOG: 't ass näischt.

MAMM: Jo, Merci.

PSYCHOLOG: Kee Problem, ech maachen nëmme mäi Beruff.

MAMM: Charly, Aen zou, a Mond op! (*setzt un, fir dem Charel eng Pëll an de Mond ze drecken, kuerz virun deem s d'Pëll an de Mond kënnt fréiert d'Bild an.*)

CHAREL: (*off*) An op ee mol wor et do, d'Ziel vu menger Kandheet: de Classique, d'Ziel vun menger Jugend: d'Premiere.

3. Szeen

Auswahlverfahren

Am Klassesall, virun der Tafel steet den Inspekteur am däischteren Mantel mat enger grousser Lescht. Zesumme mam Inspekteur sinn och nach zwee aner Männer an däischtere Mäntel komm, déi un all Sait vun der Tafel stinn. Nieft him steet d'Joffer, si ass liicht nervös. Et müssen nees keng Schüler ze gesi sinn, et gëtt aus der Perspektiv vum Schüler aus gefilmt, deen no fir Richtung Tafel kuckt.

JOFFER: Kanner, da sidd der lo mol schéi roueg an lauschtert gutt no.

INSPEKTER: Et ginn 3 Reie gebilt, eng riets eng lenks, an eng dobaussen virun der Dir.

JOFFER: Dobaussen virun der Dier?

INSPEKTER: (*ignoreiert d'Joffer total*) Ech ginn d'Lescht mat ären Nimm an alphabetescher Reiefolleg duerch.

JOFFER: An wat et méi séier geet, wat éischter Vakanz ass, Kanner.

INSPEKTER: Soubal ech ären Numm genannt hunn stellt der iech direkt an déi Rei, fir déi dir bestëmmt gouf. An dir maacht dat roueg an ouni mateneen ze schwätzen.

JOFFER: Soll ech vläit mat deene Kanner déi dobaussen virun der Dir stoen wäerten...

INSPEKTER: Dir bleibt wou der sidd. An déi riets Rei stellen sech déi, déi fir de Classique auserwielt goufen. An déi lenks Rei stellen sech déi, déi fir den Technique auserwielt goufen, an déi vum Modulaire ginn virun d'Dir, verstaaen? Gutt!

JOFFER: Jo, Här Inspekteur, ech mengen se hunn et all verstaan.

(De Schüler geheit séier nach eng Hand voll „sechere Wee“-Pellen ran, während dem opruffen ass hien dax an Groussopnahm ze gesinn, wei en èmmer zesummenzuckt wann een op technique kennt)

INSPEKTER: Dann lo roueg w.e.g. (*Paus*)

ARENDT Nicolas: Classique

BILTGEN Jeff: Classique

DA SILVA BARROSO Anabela: Technique

DOMINGUES GANDARINHO Susana: Technique

ENGEL Kevin: Classique

FERREIRA CARVALHO Tania: Technique

GRETHERN Vicky: Classique

GOMEZ CASTANHEIRA MARTA-CARVALHO TEXEIRA Luisa-Christina: Modulaire

HANSEN Kevin: Classique

PAVLOVIC Asra (*Paus*) Asra, wou steet dat dann lo hei, Moment (*sicht nach an sengen Ennerlaagen*)

JOFFER: D'Asra ass eng immens gutt Schülerin, selbstverständlich Classique.

INSPEKTER: Ah, hei hu mer et, PAVLOVIC Asra, dat geet nächst Joer zu Belgrad an d'Schoul.

(Zwee Mann vun der Police kommen ran, an schleefen d'Asra raus)

PETERS Alexandra: Classique

PINTO DE SA Tiago: Technique

RODRIGUES ALEMEIDA Luka: ... Oh freck, ass dat e Feeler? ... Hei, nee, tiens tiens. Luka, bei dir ass et tatsächlech duergaang fir de Classique. Geff dech drun, mäi Jong.

SANTOS TAVARES Antonio, fir dech dann nees Technique, mir hunn eise Quotenportugies schon.

SCHMIDT Pascal ... (*genervt*) hei steet lo och téchnique ... Pascal, wou schafft déi Papp?

JOFFER: Dem Pascal säi Papp steet bei Goodyear um Band...

INSPEKTER: Asou, majo dann téchnique... wat ass dat heiten nämmen fir eng komesch Klass, dir musst iech méi dru ginn.

WEILER Noémie: Classique, an dann zum Schluss

WEILER Charles: (*kuerz Paus, de Schüler stoppt nach émmer Pellen an sech ran*) Classique!

(*De Schüler an No-Opnahn, gesäit aus wei bekiff, mee glécklech*)

4. Szeen

Sall vun der Diplomiwwereechung

De Schüler erzielt nach émmer der Kamera, téschenduerch gëtt d'Ried vun der Ministesch gewisen.

CHAREL: Ech hat also schlussendlech mäin éischt Ziel erreecht. Meng Elteren wore glécklech, meng Joffer wor glécklech. Meng Schwëster hei wor och glécklech. An ech wousst dee Moment guer net richteg, wat dat bedeit. Ech war jond an naiv. Bal sou naiv wei eis Madame Ministesch do vir.

MINISTESCH: ...well all Kand huet soueppes wei eng Daseins-berechtigung, an et sollt een differenzeieren...

E PROFF: (*rifft dotescht*) Dat ass dach einfach onméiglech wat déi Fra do verzaapt.

MINISTESCH: Wa mer probéieren eis Schoul méi tolerant, méi fair an méi oppen ze gestalten, an wann mer dat zesummen géifen maachen, dann wier dat eng super Saach. Et wier also och genial, wann der mir ee bëssi Ënnerstëtzung bei menger klenger Reform... géingt schenken . . . w.e.g. . . .? Bon, dir kënnt mer jo eng Mail schreiwen, ech ginn dem Här Direkter d'Wuert.

Spärlechen Applaus. Den Direkter kënnt un d'Riednerpult.

DIREKTER: Dir Dammen an dir Hären. D'Ziel vun all jonkem Lëtzebuerger ass a bleift d'Premiere. An dir kënnt houfreg drop sinn dat der se hutt, mä mierkt iech dat och grouss Verantwortung domat verbonnen ass.

CHAREL: D'Ziel an mengem Kapp wor d'Reussite vun deem Ganzen, ech wollt eppes aus mengem Liewen man, eng gutt Pei, et sollt eppes aus mir ginn, ech wollt d'Premiere.

DIREKTER: Dir, léif Schüler, kritt vun eis een Diplome an eng Note mat op de Wee, fir dat dir deenen Leit dobausse weise kënnt ween dir sidd. An mir, ären Direkter, är Proffen an och är Eltere si frou iech lo am Krees vun den Erwuessenen begréissen ze kënnen. Émmer nees hunn ech drun appelléiert, dat d'Kanner eis Zukunft sinn. Oder wéi mäi Virgänger schonn émmer sot: "Wann eis Kanner hu kee Loun, wee bezillt dann eis Pensioun?"

CHAREL: Op alle Fall war de Lycée trotz Medikament kee Kannerspill. Déi grouss Fro: Wei ech dann lo am beschten d'Premiere packen kann gouf mat villen éischter klenge Froe beäntwert.

5. Szeen:

Mathé

MA-PROFF: Ween ass responsabel fir de Schwamm?

ALL SCHÜLER: De Kevin, de Kevin, de Kevin, de Kevin, de Kevin ass responsabel fir de Schwamm. De Kevin, de Kevin, de Kevin, de Kevin, de Kevin ass responsabel fir de Schwamm. Fir de Schwamm, fir de Schwamm, fir de Schwamm, de Schwamm!

MA-PROFF: Kevin, ech häfft an Zukunft gär datt d'Tafel ofgemaach ass wann ech erakommen. Ass dat kloer?

KEVIN: Jo, Här Lehrer.

MA-PROFF: Sou. Geometrie. Wou ware mer stoe bliwwen?

SCHÜLER1: Här Lehrer, ech dat mat den Dräiecker vun där läschter Stonn net richteg verstan. Dat mat der Hypothénuse a mat de Katheten a mam rechte Wenkel an dee ganze Kabes.

SCHÜLER2: Ech och net.

SCHÜLER3: Ech och net.

MA-PROFF: Ech hunn "dee ganze Kabes" mat den Dräiecker a mat der Hypothénuse a mat de Katheten a mam rietse Wenkel op mannst honnert mol laang a breet erkläert. An dir hutt et nach èmmer net verstan?

ALL SCHÜLER: Nee.

MA-PROFF: Är arrogant Lidderechkeet geet mir op d'Strémp. Mä bon, wann der mir net noläuschtere wëllt, da gëtt et am Fong just nach een, deen Iech et kann erklären.

De Prof mecht d'Dir op, e Mann mat wäissem Bart, enger Tunique a Sandale kënnt eran, gesait5 aus wei de Jesus.

SCHÜLER2: Oah! De ... Kleeschen!

MA-PROFF: Ma nee, et ass de Pythagore!

SCHÜLER1: Putain! De Pythagore!

MA-PROFF: Hëllef mer, Pythagore. Vläit kanns du deene mëssrodene Saukanner nach eppes bääibrengen.

(Ufank: Pythagore-song)

PYTHAGORE: Am ale Griecheland,
Do war net vill bekannt
Vum rechtwenklegen Dräieck
A sengem Sënn an Zweck

Souguer deen alen Thales,
Dee wousst nach laang net ahles,
An d'Leit hu mech gefrot
No engem gudde Rot:

"Ee rechtwenklegen Dräieck, wat maache mer mat deem?"
An ech hunn
Hinnen dunn
Erkläert mäin Theoreem.

An zwar:

a carré plus b carré gëtt c caré.
Et voilà tout ce qu'il fallait démontrer.
En Dräieck kee Problem,
Benotz mäin Theoreem,
Well: a carré plus b carré gëtt c carré.

Proff + Pythagore + Ganz Klass: a carré plus b carré gëtt c caré.
Et voilà tout ce qu'il fallait démontrer.

Pythagore: Dat ass mäin Theoreem.

KEVIN: Oh wier ech gutt doheem.

Proff + Pythagore + Ganz Klass: Well a carré plus b carré gëtt c carré.

De Pythagore geet rem räus. (Enn: Pythagore-Song)

MA-PROFF:Hutt der et elo verstan?

ALL SCHÜLER: Jo.

MA-PROFF: Den Theorem vum Pythagore, hutt der deen alleguer verstan?

ALL SCHÜLER: Jo.

MA-PROFF:Gutt. Da kënne mer dat Thema jo elo ofhaaken, an -

SCHÜLER2: Här Lehrer?

MA-PROFF: Ja?

SCHÜLER2: Firwat ass dat gutt?

MA-PROFF: Wéi?

SCHÜLER2: Ma deen Theorem, firwat ass dee gutt?

MA-PROFF: Hues de scho rëm net nogeläuschtert, wann ee bei engem rechtwenklegen Dräicek de carré vun de Katheten addéiert -

SCHÜLER2: Kritt een d'carré vun der Hypothénuse als Somme. Jo, dat hunn ech verstan.

MA-PROFF: Maja.

SCHÜLER2: Firwat ass dat gutt?

MA-PROFF: Wéi, firwat ass dat gutt?

SCHÜLER2: Majo, firwat kann een dat gebräuchen am richtege Liewen?

MA-PROFF:A wéiengem richtege Liewen?

SCHÜLER2: Majo, ausserhalb vun der Schoul?

MA-PROFF: Wei, ausserhalb vun der Schoul?

SCHÜLER2: An der Vakanz zum Beispill

MA-PROFF: Asou, ausserhalb vun der Schoul. Maja, ganz einfach: et gi Schüler, déi léiere wat ze léieren ass, an déi kréien herno eng gutt Nummer an packen hier Premiere, an de Bopa, d'Boma an all d'Noperen si frou mat hinnen. An et gi Schüler, déi menge si bräichten dat net ze léieren, déi ginn herno entierft a kënnen am Lidl d'Mayonnaise an d'Regaler araumen. Hutt der lo all verstan, firwat dat wichteg ass am richtege Liewen?

De Charel huet sech alles mat opgeschriwwen, dréint sech vu sengem Pult äus an d'Kamera.

CHAREL: Op eng komesch Art a Weis huet dat absolut Sënn gemaach.

6. Szeen:

Bio

D'Bio's Proff steet un der Tafel, an leist fir sech alleng Bio's-Aufgaben. Hannert hir geheien d'Schüler mat Pabeier, knätsch an anere Geigestänn openeen. D'Proff mierkt et, mee si fënnt net déi richtege Kraft fir eppes dogeint ze maachen. Nodeems se d'Klass beiis ugekuckt huet, wend se sech nees der Tafel zou, an schreiwt weider. D'Proff kritt schlussendlech een Täscherechner géint de Kapp, si dreint sech èm.

CHAREL: (off) . . . De Schoulsystem hat eng eege Logik, hannert déi een éischt mol huet misse kommen. Verschidde pädagogesch Konzepte zum Beispill, worn ee bëssi abstrakt, mee effektiv.

BIO-PROFF: Ech gesinn, dir wëllt also net weider dat ofschreiwen wat un der Tafel steet, hm... dat ass net gutt, hm... Kënnt der dann opmanst awer w.e.g. mat deem wat der do veranstaltet ophalen, wann nach eppes hei fir hinnegeflunn kennt... dann... oder... Kevin, geff mer mol däin Heft! (*Bliedert duerch*) Sot ech net schon honnertmol, dass dir eng nei Säit ze huelen hutt, wa mer en neit Kapitel ufänken? (*Während se schwätz, rappt se zwou Säiten aus dem Heft*). Dat schreius du lo mol fresch! A wat gesin ech hei? Hues du se nach all aner Faarwen ze benotzen wéi ech un der Tafel?

KEVIN: Mee Joffer ech si dach faarweblann...

BIO-PROFF:Du wäerts jo net mengen dass de dowéinst lo hei eng Extrawurscht kriss!

7. Szeen:

Franseich

De Proff kennt ran an klackt seng Mapp op de Pult. Dëse Proff versteet kee Spaass, dofir sinn d'Schüler och all roueg. De Proff schwätzt zimmlech séier.

FRA-PROFF: Wien ass responsabel fir de Schwamm?

ALL SCHÜLER: De Kevin, de Kevin, de Kevin ass responsabel fir de Schwamm.

FRA-PROFF: Mir ass opgefall dat ech ausser ären Prüfungsnoten nach keng Note fir den Oral hunn. Alors, on va rattraper cela maintenant. (*Hien hellt eng grouss Auer aus senger Mapp, stellt se virun sech op den Dësch, schleit den Hefter mat den Noten op*) Christian, le futur antérieur du verbe interpeler dans la deuxième personne du singulier. (*Hien dreckt op d'Auer déi vun 60 sek un roof leeft.*)

CHRISTIAN: Ehhhh, hu... hmm, indicatif..., ah: tu auras interpellé! (*De Proff stoppt d'Auer: 41*)

FRA-PROFF: Cela fait 41, pas mal. (*noteiert d'Note*) Noémie. Subjonctif imparfait de ragaillardir, s'il vous plaît. Première personne du pluriel. (*D'Auer leef nees vun 60 roof*)

NOÉMIE: Nous... ragaillardissions!

FRA-PROFF: Oui, donc... 54! Très bien. Wann dat bis an der Pisa-Etude dru kennt, dann können d'Skandinavier awer kucken wou se bleiwen.

NICHOLAS: Mäin Lieblingsverb am Subjonctif imparfait ass chasser!

FRA-PROFF: Virun d'Dir, Neckel. Fränz, Prêt?

FRÄNZ: Oui, monsieur.

FRA-PROFF: Conditionnel passé, deuxième forme, première personne du singulier du verbe... prévariquer...

FRÄNZ: Moment, wat heecht dat iwwerhaapt?

FRA-PROFF: Dann äntwer lo mol als eischtes.

FRÄNZ: Hm, Jeusse prévariqué. Dat ass net de Conditionnel passé. J'aurais prévariqué.

FRA-PROFF: Mais voilà, vous voyez, c'est pas si difficile! Prévariquer veut dire... si on... also wanns du eppes géint déi Verpflichtungen mechs... viru Geriicht... Mä somol, du kanns dat jo selwer nokucken! Il y a des livres qui s'appellent "dictionnaire", mon cher Fränz.

FRÄNZ: Ah... okay...

FRA-PROFF: Hu mer lo dowéinst missen eise schéine Rhythmus verléieren? Charles! Indicatif plus-que-parfait, première personne du pluriel, se perimer.

CHAREL: nous nous étions périmes

FRA-PROFF: Ma da waart dach, ech hunn dach nach net mol d'Auer ulafen gelooss, dat häss de awer gesi kennen. Wou kucks du iwwerhaapt hin, hei vir hinner häss du kucke sollen?

CHAREL: (*versicht déi fro och nach ze beäntwerten*) Ehm, que j'aie regardé?

FRA-PROFF: So mol mechs du dech grad leschteg iwwert mech?

CHAREL: (*versteet net wat leeft*) Ehm, nee.

FRA-PROFF: Wat ass dat fir eng Pappnasen-Dynamik hei an der Klass?!

CHAREL: Ma nee, ech fannen déi franséisch Verben dach immens spannend, an -

FRA-PROFF: Charel, virun d'Dir! Du hues dat net spannend ze fanne, mä et ze kënnen. Spannend, dat ass nees sou eng Iddi vun der Ministesch.. (*Matt Verständnis*) Dir musst verstoen, dat mir iech hellefe wëllen. Mee dat ass net sou einfach wei dir iech et virstellt. Hutt der schon mol ausgerechent wei schwéier et mëttlerweil ginn ass fir duerchzefaalen?

CHAREL: (*steet am Gank, langweilt sech, weess net wat en maachen soll*)(off): D'Gefor ass, dat een de System ni richteg versteet, an dann déi ganz Schoulzäit um Rudderen ass, oder souguer duerchfällt... Trotz deem hellefraichen Medikament huet mer eppes gefeelt fir op déi richteg Spur ze kommen. (*net méi off*) Iwwregens, wat heescht da lo "prévariquer"?

8. Szeen:

Ministsaire de l'Education National

Staatssekretäre sätzen un hire Schreifdëscher an der Ministesch hirem Büro a waarden op d'Ministesch.

SEKR 1: "Prévariquer", dat ass et, dat ass genee dat wat eis Ministesch am Moment mecht, si handelt net an eisem Intérêt, si vernoléisségt hir Obligationounen.

CHAREL: (off.) Ah, ok!

SEKR 2: Et ass eng Katastroph... Bon, se kéint all Moment erakommen. Komm mer maache léiwer sou wéi wa mer géife schaffen. Da geet et rëm "Moien, ech hat rëm eng Iddi"...

(*D'Ministesch betrëtt de Büro.*)

MINISTESCH: Gudde Moien dir zwee, ech hat eng nei Iddi.

SEKR 2: Wat sot ech?

SEKR 1: Jo, Madame Ministesch?

MINISTESCH: De System, dat et op der enger Säit een Classique gëtt, an op der anerer een Technique. Dat ass jo sou ee Kabes. Sou ennerdeelen mir d'Leit vun Ufank un a Gewënner an Verléierer. Dat ass jo iwverdriwwen diskriminéierend. An firwat sollten Classiques-Leit dann net Fächer zesummen mat Techniques-leit hunn an émgedréint. Dann kéint jiddwereen aus allen Fächer déi do sinn sech säint auswielan.

SEKR 1: Oh Gott...

SEKR 2: Zut, dat do gëtt rëm batter...

SEKR 1: Madame, dir...

MINISTESCH: Den Technique huet e Recht drop sou vill wäert ze sinn wei déi aner och, a si wëllen dat Recht. Héiert Dir net de Gesank vun den Ennerdreckten, deen duerch d'Stroosse vun eisem Ländchen zitt an émmer méi haart gëtt. (*Am Hannergrond gëtt d'Musek émmer méi haart, Lidd vun der Techniques-Arbechterklass:*)

AARBECHTER OP TECHNIQUE:

Stitt op, a kämpft dir Technique-Schüler

Stitt op, well dozou hutt dir d'Recht,

Äert Liewen brauch lo ganz nei Zieler

Soss geet et iech éiweg Schlecht.

An dësem Land sidd dir manner wichteg,

Wei den Autofestival.

Un Wuelstand kommt dir och net richteg,

Mee verdéngt hätt dir et all.

Eis Proffen an eis Dokteren

Ouni eis wäre si verluer.

Mir mussen eist Schicksal an d'Hand huelen

An hinne soen: "Et geet duer!"

Mir gewannen, mir gewannen,

A mir starten eng Revolutioun,

Well esouguer ee Jugoslav huet d'Recht

Op méi wéi de Mindestloun.

Mir gewannen, mir gewannen,

A mir starten eng Revolutioun,

An herno si mir an engem Staat

Ouni Nassauen um Troun.

SCHÜLER: Well déi wore souwiesou net an der lëtzebuergescher Schoul.

SEKR 2: Ehm, wat solle mer dann lo schreiwen?

MINISTESCH: Classique an Technique sollen eent ginn, fir dat eis Gesellschaft zesummenwuessen kann. Fir dat d'Liewen...

SEKR 2: Moment, also, dat hunn ech mol sou opgeschriwwen, mee mengt der dann net dat klengen Schrëtter méi sennvoll wieren? Ech stelle mer do déi eng grouss Halschent vun der

Gesellschaft fir, an hei déi aner, an wann déi dann rumms! Aneneen rennen, dann geschitt awer een Ongléck.

SEKR 1: Ech hunn lo mol opgeschriwwen dat sech Classique an Technique unnnahere keint.

SEKR 2: Mee géif an deem Fall soen, dat et schon mol ee wichtige Schratt ass, dat och d'Techniques-schüler faarweg kreid an de klassessäll hunn, also, fir dat och déi Zort vu Mënsch, eehhh ...

SEKR 1: Ech hunn dat och mol sou opgeschriwwen, dat et am Fong jo net sou schlecht ass wei et ass, mee dat een am Prinzip roueg mol u Veränderung denke kéint

SEKR 2: „denke keinte“, deen leschten Hallefsatz gefällt mer net wierklech, deen ass sou vague, an seet naicht wierklech aus, straich deen mol, dann ass et gutt mengen ech.

MINISTESCH: (*ass déi ganzen Zäit hyper nervös*) Ah nee, sou könne mer dat dach net stoen loossen, ech sinn net averstaan. Schreift dat ee Mënsch och no sengem Ofschloss d'nämlecht vill Wäert ass wei een aneren Mënsch, mir keint och d'Modulairesleit aus dem Exil ...

SEKR 2: Madame, dir diskreditéiert d'Schoul, dir kënnt dach soueppes net als Educatiounsministesch soon.

SEKR 1: Ech hunn lo opgeschriwwen, dat et nach kengem Kand geschuet hätt, der ee puer laanscht d'Baken ze kréien, fir sech nees op dat wesentlecht an der Klass ze konzentréieren.

MINISTESCH: Ech hätt gär dat do steet, dat all Schüler genee dann eppes drénken däerf wann en Duuscht huet, an een richtegen Opklärungennerricht.

SEKR 1: (*Telefon schellt, hien geet drun*): Madame Ministesch, et wor d'Madame vum RTL, si seet hir Kanner wieren an der Schoul vun enger Joffer gemobbt ginn. Ajo, an et gëtt Iech nach e schéine Bonjour matt...

MINISTESCH: Mir mussen eis lo ëm déi Reform këmmeren, ech sinn och net éiweg Ministesch. Séier séier.

SEKR 2: An der Schoul sou wei am Liewen brauch alles seng Zäit...

MINISTESCH: Schreiwt! De Faust vum Goethe ass net méi Premieres-lecture, dee wor lo laang genuch drun. Schreift dat op, an zwar genee sou!

SEKR 1: Ahhhhhh

SEKR 2: Dat ass Anarchie, dat ass Wahnsinn.

SEKR 1: Staatswillkür, Staatsterror...

SEKR 2: Madame, ech géif iech gären drun erënneren, dat mir déijéineg sinn, déi an der stäerkster Partei vun dësem Land sinn.

MINISTESCH: Séier ee Blat Pabeier hei hinner, ech schreiwen d'Reform selwer (*rappt engem Sekretät d'Blaat Pabeier aus der Hand an leeft raus*)

SEKR 1: Zuuuut, da do geet schiiief...

SEKR 2: Ruff direkt den Direkteren un, mir mussen se warnen, an ruff d'Gewerkschaften un, si sollen mobiliseieren, an si sollen nees e Bréif un d'Schüler schreiwen, soss mengen déi nach d'Ministesch wier op hirer Säit...

SEKR 1: Si kann eis dach net sou mat Reforme zoubommen, mir sinn dach net de Gaddafi.

9. Szeen:

Reliouun/Werteunterricht

Reliousproff steet virun der Klass, mat gefaalten Hänn a bied.

CHAREL: (*off*) Schlussendlech worn et och d'Reformen vun der Madame Ministesch, déi mech op déi richteg Spur bruecht hunn... besser gesot, d'Art a Weis wei déi meescht vun eise Proffen mat denen Reformen emgaangen sinn. Hir Reaktiounen hu mer vill iwwert eise Systeem gewisen, an ech hu lues a lues ugefaangen mech zerecht ze fannen.

REL-PROFF: ... an da géife mer dech och biede, léiwen Herrgott, eiser Madame Ministesch ze verzeien, a si rem op dee séchere Wee zréckzeféieren. Mir bieden, datt si deng Stëmm héiert, dëse verdäiwelte konfessiounslosen Werteunterrecht erëm ofschafe, an dee gudden ale

kathoulesche Reliounsunterrecht erëm aféiere wäert. Well du bass sou grouss, an esou gutt, an du wors schon èmmer do, an et ass dach nach èmmer gutt gaangen, an am Fong bass du deen eenzege Minister, dee mer bräuchen, Amen.

ALL SCHÜLER: Amen

CHAREL: (*huet ganz opmierksam nogelauschtet an verstaan*) Amen

10. Szeen:

Sport

Sportsproff steet mat enger Lescht mam Reck zum Feld gedreicht. Hien huet grad déi eenzel Nimm opgeruff, d'Absencen iwwerpreift.

SPORTSPROFF: Sou, feelt haut een an der Klass? Nee? Gutt, dann ... spillt Fussball! (*De Proff packt eng Letzebuerg-Privat-Zaitung aus*)

CHAREL: (*off*) Et ass iergendwéi alles sënnvoll ginn, wat soss net sënnvoll erschéngt huet...

11. Szeen:

Proffekonferenz

D'Proffekonferenz fënnt an engem nidderegen Sall statt, vill Proffen fëmmen, den Direkter setz um Kapp vum Dësch, nieft him lenks a riets déi wichtigst Proffen, d.h. De Franseich-Proff an de Mathes-Proff.

DIREKTER: Et freet mech iech matdeelen ze kennen, dat eis Leit am Ministär d'Situatioun mëttlerweil nees ènner Kontroll hunn. Déi schlëmmsten Reforme konnte verhënnert ginn. All potentiellen Revolutionär aus dem Technique gouf op mannst 2 mol duerchfalen gelooss an huet lo ganz aner Problemer wei de Gläichberechtegungsquatsch. An d'Ënnerstëtzung fir d'Ministesch ass komplett gebrach...

MA-PROFF: Eng Tafel, een deen virdrun steet a schwätzt an eng Klass mat Kanner di nolauschteren an um Hënner sëtzebleiwen- DAT ass Unterricht.

FRA-PROFF: Wat net fuerdert gëtt net sérieux geholl. Et ass guer kee Respekt méi do. D'Kanner sinn onroueg.

MA-PROFF: Ech bleiwe bei deem, wat ech scho säit Joere soen: De Bengel muss rëm agefouert ginn. DAT ass Unterricht.

ECO-PROFF: Ech verfluchen nach haut deen Dag, un deem d'Politik de Klassesall entdeckt huet. D'Jugend brauch ebe gewëss Aschränkungen fir um séchere Wee bleiwen ze kennen.

BIO-PROFF: Iwweregens, Här Direkter, do fällt mer an, d'Madame vun RTL huet nach eng Kéier ugeruff, an der Cantine géif et ze fettegt Iesse ginn, a séng Kanner gi gemobbt. Ajo, an nach e schéine Bonjour fir Iech.

ECO-PROFF: An daat matt der Schülermotivatioun... Ech fannen dat Schäiss!

GE-PROFF: Här Direkter?

ECO-PROFF: Ech hu kee Bock méi mat deene Schüler ze schaffen, déi hei hir „Null Bock“ Mentalitéit celebréieren.

GE-PROFF: Här Direkter?

DIRKETER: Wee schwätzt do? Kennen ech iech?

GE-PROFF: Ehm, ech sinn Chargée de Cours fir Geschicht. . . Ech hunn do e Virschlag...

DIREKTER: Oh nee, w.e.g. Dir sidd nach nei hei, mol net Proff, mol net fir ee wichtegt Fach, an bei iech faalen bal keng Schüler duerch, dir sidd ze jonk, an net an eiser Gewerkschaft an eng Fra, dir eh...

MA-PROFF: Schluss mat kreative Virschléi, e puer an d'Akaul, dat bräicht en Schüler. DAT ass Unterricht.

ECO-PROFF: An ee puer géif ech carrément an den Zuch fir an de Modulaire setzen.

DIREKTER: Okay, dann hale mir fest: Mir maachen sou weider wei virdrun.

PROFFEN: (*ausser dem Chargé*) Yeah!

(All d'Proffen ausser dem Chargé klappe mat de Knëchelen op den Dësch.)

12. Szeen:

DAITSCH

DE-PROFF: Mein alter Kumpel Goethe beschreibt Gretchen als naives Bauernmädchen, blond, jung. Die Verkörperung der Unschuld sozusagen.. Noémie, ma chérie, weiß du, nach dem genauen Wortlaut von Erich Trunz, wieso er das tut?

NOÉMIE: Also, ich habe das Gretchen immer eher als . . .

DE-PROFF: Ich will wissen, was Trunz über dat Gretchen geschrieben hat, nicht was du für Flausen im Kopf hast. Herr Trunz gilt als einer der größten Faustkenner Deutschlands der letzten tausend Jahre. Es ist also kein Zufall, dass wir uns bei der Interpretation auf sein Buch zurückgreifen.

NOÉMIE: Ich meine ja...

DE-PROFF: Melde dich, Noemi, und warte bis du aufgerufen wirst (*D'Noemi mellt sech, als eenzeggt an der Klass*) Ja, Noemi?

NOÉMIE: Ich sage ja nur, dass es mich persönlich...

DE-PROFF: So, jetzt rechts, Noémie. Du persönlich bist Goethe, Trunz und dem, der dein Examen verbessern wird, vollkommen egal.

NOÉMIE: Ja, aber

DE-PROFF: Erst melden! Dann sprich, Noemi....

NOEMI: In der Klasse könnten...

DE-PROFF: können wir über vieles diskutieren, aber das bringt keinem was. Hat der Tag etwa 48 Stunden? Wenn Ihr das Examen bestehen wollt, dann tut gefälligst, was man von euch verlangt.

SCHÜLER: Es wird Frühling sprach Goethe, Ich hab Saft in der Flöte.

DE-PROFF: Sou Neckel, dann hues du dëse Samsden eng Retenue!

SCHÜLER 2: (gehässeg) Haha, schon nees de Neckel

CHARREL: Sou lues hunn och déi aner Schüler verstan, dat et lo ém eppes geet. An ech wor um gudde Wee vir ze verstoen ém wat a wei dat et geet. Meng Schwëster hat et nach net sou raus...

Déi meesch Schüler huelen mëttlerweil och d'Medikament „De séchere Wee“, si fänken dowéinst och un géinteneen ze sinn, aplaz een deen aneren z'ennerstetzen.

13. Szeen:

ECO

Virun der Stonn: D'Schüler setzen roueg op hire Plaatzen, Schüler 1 hellt „De sechere Wee“

SCHÜLER1: Hells du der lo och?

SCHÜLER2: Majo, ech wollt jo op d'Konschtsektiouun, dunn hu meng Elteren mech bei den Dokter bruecht, ee Gléck, gell?

SCHÜLER1: Ech krut se einfach mol präventiv, fir kee Risiko anzegoen. D'Noemi hellt der awer nach keng...

SCHÜLER1: Weesst du schon dat d'Noemi mat engem aus der Technique zesummen ass...

SCHÜLER2: Waaat? Serieux?

SCHÜLER1: Ech mengen mir huelen et freides net méi mat, stell der fir deen Typs taucht do op...

SCHÜLER2: Oh wei peinlech, jo...

ECO-PROFF: (*kennt ran, ennerbecht domat d'Gespreicher*) Ween ass responsabel fir de Schwamm?

ALL SCHÜLER: De Kevin, de Kevin, de Kevin ass responsabel fir de Schwamm.

ECO-PROFF: Ech hunn är Prüfungen verbessert. Ech hu schon ugefaangen mer Froen ze stellen,

dunn hunn ech dem Mister Schmitz seng Prüfung gesinn, se wor anscheinend awer schweier genuch, d'Halschent huet eng Datz. Ech deelen se gläich aus. Schmitzi, du an den Decken, dir bleibt no der Stomm nach kuerz hei. Fir déi nächst Prüfung sinn d'Säiten 130 bis 152, d'Sait 154 an 155, an dann 158 bis 166 ze leieren. Dat si Saachen déi op der Uni gefrot ginn, dat mécht sech émmer gutt, wann een deenen Fransousen oder Preisen eppes viraus huet an dann dat éischt Semester verschlofe kann. Nach Froen? *D'Schüler sinn liicht geschockt, déi meesch huelen séier eng Tablette vum „de séchere Wee“-Medikament. D'Noémie mellt sech.*

Jo, Madame Weiler?

NOÉMIE: Ah nee, awer net, Pardon Monsieur.

Wann d'Noemi sech mellt, fänken vill Schüler un sech leschteg iwwert hatt ze maachen.

ECO-PROFF: Da kritt der se lo, är Konschtwicker. Schlumpfinchen? Wéivill mengs du dann daats du hues?

SCHÜLER3: 12?

ECO-PROFF: Sou schwiereg wor se och rëm net...

SCHÜLER3: 25?

ECO-PROFF: Hahaha, iwwerschätz dech net... et ass eng 17 ginn. Noemi-Stuppi, du wëlls als nächstes roden?

NOEMI: Ech hat eng Fro, kéint dir vläit d'Prüfungen einfach sou zeréckginn, w.e.g.?

ECO-PROFF: Stuppi, ech maachen dat hei net well mer dat besonnesch gefält, mee well een Sënn dohannert stecht. An zwar well... eh, Charly?

CHAREL: Well dir de Proff sidd, an mir d'Schüler.

ECO-PROFF: (*ganz erstaunt, iwwerrumpelt*) Ehm, richteg Charel, ganz richteg... Ech hat lo mol net direkt un déi Formulatioun geduecht, mee se ass natierlech richteg, jo. Et treffst de Kär. Deng Prüfung ass iwwregens och gutt, d'Sait 27 hues de ganz exakt remginn. Weider sou.

CHAREL: (*off*) (*Op der DIPLOMIWWERREECHUNG?*) Ech verstinn et, ech gesinn dat et klappt: Als Schüler huet een um Ufank vill Froen. Mee amplaz déi Froe ze beäntweren huet d'Schoul eng aner Taktik. Se weist eis, dat déi Froen falsch sinn, bzw. dat een net souvill Froen stellen soll. Schlussendlech komme jo och am Premièresexamen d'Froen net vun de Schüler, mee vun der Schoul. An mir musse rausfannen wei eng Äntweren ee gären vun eis héiere well.

14. Szeen:

Geschicht

D'Schüler, mëttlerweil bal all op DSW setzen roueg an der Klass, waarden op de Proff.

CHAREL: (*off*) An ech hat rausfonnt weieng Äntweren dat een héiere well. An sou ass dann och dee Moment komm, de Moment, wou ech weise konnt, wat ech an all deene Joere geléiert hunn. De Moment, vun deem nach laang geschwat gouf, vun deem och den Direkter héieren huet deen mech da gefrot huet, fir d'Ried op der Diplomiwwereechung ze halen. De Moment, vun deems un ech d'Medikament net méi hunn huele missen.

GE-PROFF: Gudde Moien alleguer

ALL SCHÜLER: De Kevin, de Kevin, de Kevin ass responsabel fir de Schwamm.

GE-PROFF: Eh, asou... bon. Mir si gutt mam Programm virukomm, an ech mengen dat mer eis déi nächst 3 Stonnen Zäit huele können vir den Israel-Palästina-Konflikt am Noen Osten och mol am aktuelle Kontext ze kucken.

SCHÜLER 1: Hä? (*steet krass énnert dem Afloss vum sechere Wee*) Dovunner steet awer naicht am Programm, oder?

GE-PROFF: Ech hu mer geduecht, dat e puer aktuell Saachen iech méi interesséiere kéinten wei dat mer einfach weider am Buch ennerstraichen.

SCHÜLER 2: Mee wei eng Säite sinn et dann am Buch?

SCHÜLER 4: Kennt dat och am Examen drun?

GE-PROFF: Ech hunn iech Photokopien matbruecht, an mir kéinten eis ee puer gutt Internetsäiten

ukucken. An dat wat mer an dëser Stonn maachen et ass net fir d'Examen ze leieren.
SCHÜLER 3: Mee firwat maache mer et dann?

Och de Charel ass immens erféiert, an geschockt. D'ganz Klass geréit lues a lues an Panik, wei wann d'Proff eppes absolut schreckleches géif virdroen.

GE-PROFF: Ech ee Radiosreportage dobäi, deen ech erofgelueden hunn, an dee mer lo zesummen lauschteren wäerten.

SCHÜLER 2: Ah, an mir schreiwe mat?

GE-PROFF: Nee, et geet éischt mol drem nozelauschteren. An dann soen ech iech schon mol direkt, dat et herno och keng Hausaufgabe gi wäert, mä dat der fir en Dënnsten interessant Artikelen aus Zeitungen oder aus dem Internet matbréngen sollt, déi mer dann am Cour zesummen beschwätzen ...

CHAREL: Madame Joffer, et deet mer Leed, ech ka mer dat net méi laang ukucken. An dësem Cour leeft eng schief. Wann ech mech dierft dozou äußerer?

GE-PROFF: (*ass verwonnert vum Charles senger Art a Weis*) Eh... natierlech, jo...

15. Szeen:

Paralell: Ried vum Schüler, Proff, Papp an SEKR2

D'Ried, déi den Schüler an der Klass hält, gëtt parallel montéiert mat der Proffe-ried vun der Diplomiwwerreeschung, der Ried vum Papp, deen de Charel Owes an senger Kummer besiche kennt an dem Telefonat vun engem vun den Ministeriumssekrétären. (mat lichter Musek ennerluecht)

CHAREL: (*am Klassesall*) Ech hu mech gefrot, op et Sënn mécht, hei eppes ze maachen, wat eis net op den Premières-Examen virbereet, an ech sinn, genee sou wei déi meesch vun ären Proffekolleegen, an och déi meesch hei an der Klass iwwerzeegt, dat et absolut Zaitverschwendung ass. Sënn an Zweck vun der Schoul, ass et eben d'Premiere ze maachen, also musse mir genee dat leieren, wat an der Premiere vun eis verlaangt gëtt. An dat ass och gutt sou. Déi di sech de Programm ausgeduecht hunn, hunn sech bestëmmt eppes dobäi geduecht.

ECO-PROFF: (*hält Ried bei der Diplomiwwerreechung*): Iwwer vill Schüler kann ech soen, dat sech téschent eis eng speziell Zort Freundschaft entwickelt huet. Jo, et wor net émmer einfach, an net jiddereen huet émmer de Sënn hannert deem ganzen gesin, mä heiansdo muss een einfach...

CHAREL (*am Klassesall*): dat maache, wat vun engem verlaangt gëtt, wann een d'Ziel erreeche well. Dowéinst ass et gutt frei ze mierken wei den Hues leeft, an schon an der Schoul ze leieren, wei een sech unzepassen huet.

PAPP: (*Owes kennt de Papp an d'Kummer vum Charel eran, wou deen grad um Schreifdësch setzt an Hausaufgaben mecht/vir eng Prüfung leiert*): Ech gesinn, du bass um Léieren. Ech wollt der just soen Charel, dat ech stolz op dech sinn. Du bass lo geschwënn een normalen erwuessene Mënsch.

ECO-PROFF: Firwat sollt ee sech Problemer siche goen, wann et am einfachsten ass, de Bak ze halen.

SEKR 2 (*Den Sekretär vun der Ministesch setzt alleng am Büro an telefonéiert, mat engem Direkter o.ä.*): Firwat soll reforméiert ginn, et huet dach keen déi Reform verlaangt. Mir brauche keng Experimenter.

PAPP: Maach weider sou mäi Jong. Ah, an dann wollt ech dech froen wéieen Auto du dir fir d'Premiere wünschs.

ECO-PROFF: Mir sinn émmer do, fir deenen Schüler déi Schwierigkeiten hunn, nees op de séchere Wee zeréckzeféieren.

SEKR 2: Maja, an dowéinst hunn ech lo mol einfach deen zweeten Paragraphen aus der neier

Reform hei gestrach, deen brauch kee Mënsch. Ech sot hir nach, dat een jo och einfach entspaant um séchere Wee bleiwen kéint, d'Leit wielen jo Partei, an keng Schoulsystemer.

CHAREL: (*am Klassesall*) Wa mer alles wéi gefuerdert man, dann wäerten déi meescht vun eis d'Prémiere packen. (*bleift an enger Pose stoen, off.*) Ech wor endlech ukomm: ech wor um séchere Wee.

PAPP: An wat d'Studium ugeet, keng Experimenter, okay? Bleif um séchere Wee. Eco, oder vläit Droit?! An jo, Oochen ass wierklech eng léif Staat.

(*Aus dem Gank heiert een d'Noémie*)

NOÉMIE: Aaaaaahhhh, Neeeeee

PAPP: Wat ass dann do lass? (*D'Noémie kennt ran, facht een Telefonsbuch op de Buedem, an fällt an sech zesummen, de Charel kann et sou just nach opfänken.*) Een Telefonsbuch? Charel, wat soll dat heechen.

CHAREL: Eisen Ecos-Proff hat eis geroden als Übung fir d'Premiere Saiten aus dem Telefonsbuch auswenneg ze leieren.

PAPP: Noémie? Ech menge mir fuere mol besser bei en Dokter.

16. Szeen:

Beim PSYCHOLOG

Selwecht Situatioun wei bei der éischter Psychologenszeen, némmen dat dës Kéier d'Noémie aplaz vum Charel an der Mëtt téscht den Elteren setzt.

PSYCHOLOG: Wei et ausgesäit huet sech beim Noémie iwver Joeren hin onbemierkt eng eege Meenung bilde können.

MAMM: Iwver Joeren hin, an mir hunn et net bemierkt...

PAPP: Eng wat?

PSYCHOLOG: Eng eegen Meenung. Dat kennt wann een net oppasst heiansdo bei Jugendlechen fir. Bild sech gären bei groussen Konfliktsituatiounen... Bei Erwuessen ass et éischter seelen. Dëse Fall ass allerdéngs wierklech aussergewéinlech.

PAPP: An déi kënnt der net fort... eh, -maachen oder sou?

PSYCHOLOG: Et deet mer immens Leed, mee dës eegen Meenung ass méttlerweil schon bal am Endstadium.

PAPP: Wou huet et dat dann opgeraf, hepp Kand, so, wou hues du dech erëmgédriwwen.

MAMM: An, wat heescht dat dann lo fir d'Premiere?

PSYCHOLOG: Also, mat sou enger iwwerdimensionéierter eegener Meenung wäert d'Noemi et wuel net duerch d'Examen packen. Et ass eppes an him dran wat sech revoltéiert, an wat doduerch de ganzen Kierper schwächt. Prinzipiell sinn all déi wichteg Zentren am Kapp nach aktiv, et kann also gutt sinn, dat et no enger Therapie nees auswenneg leiere kann, mee sou kuerzfristeg...

PAPP: Et muss awer lo kuerzfristeg sinn, an 3 Wochen, ginn d'Examen un.

PSYCHOLOG: Batter. Also, ech soen net dat et kee Wee géif ginn...

PAPP: Hei hinner domat, Sue spille keng Roll!

PSYCHOLOG: Mir kéint et mat... (*hellt eng Packung De-sechere-Wee Tabletten raus*) enger duebeler Ratioun vun deen heiten probéieren, ech hunn gesinn, är Duechter hellt déi jo nach guer net... Mir kéint sou déi Meenung vun ärer Duechter direkt blockéieren, an dann lues a lues ofbauen.

PAPP: Wonnerbar, mir huelen se direkt mat.

PSYCHOLOG: Wëllt der eng Tut, oder geet et sou?

MAMM: Oh zut, ech hunn eis Öko-Tut vergiess...

17. Szeen:

Diplomiwwereechung

Op der Bühn vum Festsall steet d'Biosproff (oder eng/en aner Proff?) mat enger grousser Lescht um

Riednerpult, donieft steet den Direkter an och d'Ministesch fir ze gratuléieren.

De Charel schwätzzt alt nees an d'Kamera.

CHAREL Déi lescht Deeg sinn immens séier vergaangen. D'Noémie krut sech wéinst dem Medikament séier nees énnert Kontroll. Dann waren d'Examen och schon op ee mol riwwer. Déi meescht Schüler sinn dann direkt op Lloret geflücht, fir do de Schock, den Doping an de Prüfungsstress ofzebauen. Et waren Szeenen wei een se aus Entzuchskliniken kennt. All Erënnerung un d'Examen wor duerno natierlech fort... An elo si mer hei. Dee groussen Dag ass do an d'Diplomiwwereechung geet lass.

BIO-PROFF: Mir fänken un mat deenen Schüler déi keng Mentioun kruten: (*nëmmen vereenzelt gött geklappt, d'Punkten ginn opgeruff wei bei Eurovision*) Kieffer, Melanie 32 Punkte, Kieffer, Melanie 32 Points. Gödert, Nicolas 33 Punkten, Goedert, Nicholas, 33 Points ...

(*D'Diplomeiwwerreeschung gött virgespullt, émmer nëmmen frendlech gesichter, Elteren déi stolz sinn, Schüler déi hir Diplomer sichen ginn... bis zum Moment, wou den Charel vun senger Mamm ugestouss gött*)

MAMM: (*flüstert*) So, Charel, wat ass dann mat denger Schwëster lass?

(*De Charel kuckt riwwer, d'Noémie hänkt ganz komesch op dengem Setz, huet den Hick*)

CHAREL: Noémie, alles okay? Noémie?

(*D'Noémie reageiert net, dreint säi Kapp lues hin an hir...*)

CHAREL: Noémie.

BIO-PROFF: A mir si stolz dorop, datt an eisem Lycée zwee Schüler sinn, déi en Excellent an hirem Exame kruten. (*mécht eng grouss Enveloppe op, wei bei der Oscar-iwwerreeschung*) An et sinn och nach Geschwëster. Den Excellent geet un d'Noémie Weiler, an un de Charel Weiler, deen dëst Joer d'Schülerried hale wäert.

Déi zwee, d'Noémie gött yum Charel hallef gestäipt, hallef mattgezunn, maachen sech op de Wee no fir. D'Leit applaudeieren. Den Direkter begréisst si.

DIRKETER: Gutt geschafft Kanner, gutt geschafft. (*gött hinnen hir Diplomer*)

BIO-PROFF: Ganz gutt geschafft, ganz gutt.

MINISTESCH: Wonnerbar, Wonnerbar, séier séier.

(*Besuergt kucken d'Mamm an de Papp vun hinnen deenen zwee no*)

MAMM: Et ass dach iergendeppes mam Noémie, dat ass dach net normal...

PAPP: Ma et ass einfach iwwerwältegt vu Gléck, an et huet jo och gutt dofir geschafft.

MAMM: Nee, et ass nach... Zut, huet et haut seng Pellen schon geholl

(*Hellt sech dem Noémie seng Posch, zitt d'Pellenschachtel raus, erkennt dat d'Noémie haut nach keng geholl huet*) Merde, et huet se vergiess, oh nee... Wénk mol dem Charel.

(*De Papp fänkt un mat wenken*)

DIREKTER: Charel, lo ass et un dir fir d'Schülerried ze halen.

CHAREL: Merci! (*Stellt sech un d'Reidnerpult*) Dir léif Proffen, léiwen Här Direkter, léif Elteren a Famill (*d'Mamm an de Papp wenken weider, mee de Charel bemierkt naicht*) Ech well als eischtes Merci soen...

(*d'Noémie stiermt no vir, stéisst de Charel brutal op d'Sait, a bläert an de Micro*)

NOÉMIE: Wat feiere mir héi eigentlech? Feiere mir, dat mir et gepackt hunn iech genee dat op d'Blatt ze schreiwen, wat der gären liese wollt? Feiere mer, dat mer et gepackt hunn dat ganzt Joer de Bak ze halen fir jo nëmmen eis Premiere net a Gefor ze bréngen? Feiere mir dat mer dat mer en Classiques-Diplome, an net een Techniques-Diplome kruten, an doweinst lo déi besser Lëtzebuerger sinn? Oder Feiere mer, dat aus aus genee déi Mënschen gi sinn, déi d'Proffen, Bomi, Bopi an d'Noperen sech gewënscht hunn? Charel, d'Ziel vum séchere Wee ass dach nëmmen um séchere Wee ze bleiwen... Et geet net ém d'Schüler mä... mä ém eng Fatz Pabeier. (*Et zerrappt säin Premièresdiplom*)

Ofspann

SEKR1: (*Kuckt op säi Bildschirm*) RTL.lu nennt et „Eklat op der Diplomiwwereechung“ Wat maache mer dann lo? Mir mussen reagéieren.

SEKR2: Musse mer dat ? Wéinst enger dommer Schecks? Hat huet elo seng fénnef Minuten Berühmtheet, hat kritt nach sain klengen Debat um Radio, an dann ass dei Saach och schon nees gelaf. Wann dann geschwënn déi nächsten Tour de France a Siicht ass, dann denkt kee méi un eist klengt Noémie Weiler.

SEKR1: Mais daat as dach lo déi Geleeënheet fir d'Ministesch, nees hiire Kaabes ze verzielen! Wat soen dann d'Parteikollegen wann se dann nees mat hierem Classique-Technique-Gebraddels ufänkt. Déi mussen dach mengen, dat mir eise Buttek hei net am Grëff hunn.

SEKR2: Maach dir bei der Technique'sgeschicht mol keng Gedanken, du wäerts mol gesinn wei dei ganz gréng Sozialromantiker mat den decke Payen op d'Barrikade ginn, wann et heescht, hir Kanner sollen zesummen mat de Jugoslawen leieren.

Ech soen et nach eng Kéier: Schlussendlech ass Schoulpolitik irrelevant. Mengs du zB. mir sinn esou raich, well eis Bevölkerung esou top ausgebild ass? Esou laang wei hei de JCJ an de Luc all Joer nei Steiertricken fir Banken a Fongen erfannen, brauche mir aus de Schoulen net méi wei eng Arméi vu Staatsbeamten, déi e bësse liesen a schreiwe kënnen.

SEKR1: Dat berouegt mech lo.